

## INVITATIOUN INVITATION

19 h  
accueil  
points statutaires  
rapports - discussions  
votes

20.30 h  
dîner \*



\* à confirmer jusqu'au 01.03.2020  
sous big@pt.lu ou 661-591-913  
au choix A: dinde farcie 18 € /  
B: spaghettis à l'arrabiata 12 €

## Wat ass BIGS ?

**D'BIERGERINITIATIVE GEMENG SUESSEM** ass eng asbl déi sech fir d'Erhaalen an d'Verbesserung vun der Liewensqualitéit innerhalb vun der Gemeng Suessem ma och doriwwer eraus asëtz. D'BIGS huet durch hier Statuten d'Méiglechkeet, juristesch an extrajuristesch Aktiounen ze ënnerhuelen, wann des d'Liewensqualitéit riskéiert verschlechtert ze ginn.

Mir schaffen de Moment op 2 Prioritéiten:

- **Recours** géint de Bau vum **Contournement vu Käerjeng duerch eng Natura 2000 Zone & Sammelaktioun «Fir de Bësch»**
- **Ëmfro** iwwer déi verstärkten **Ëmweltbelästegungen** a Punkto **Geroch a Nuetskaméidi** déi an der Läscht nees zougeholl hunn.

Kommt laansch an diskutéiert mat eis! Dir sidd häerzlech agelueden op eis Generalversammlung den Donneschden, 4. Mäerz ab 19 Auer an der Brasserie du Boulodrome am Metzlerlach!



CARTE DE MEMBRE



DONS - SOLIDARITÉ

# Dossier: **CONTOURNEMENT**

D'Bierger aus der avenue de Luxembourg zu Käerjeng kënnen opotmen: déi läscht 4 Joer lungen NOX-Wäerter an der Moyenne bei 39,5 µg/m<sup>3</sup> an domadden ënnert dem zougeloossene Grenzwäert vun der Weltgesundheitsorganisation!

D'Gesetz vum 18. Juli 2018 zum Bau vum Contournement vu Käerjeng duerch eng Natura 2000 Zone, dat an der Chamber mat 2 Netbedeeljungen um Vott an 2 Géigestëmmen votéiert gouf, ass hifälleg!

Net nëmmen dass d'Wäerter ënnert dem Grenzwäert leien, ma dat Gesetz baséiert op komplett falsche Miessungen a Prognosen, op Chiffren a Moyennes déi verwiesselt goufen an huet logescherweis, och zu falsche Conclusiounen gefeuert!

**De Bau vum Contournement ass duerch näischt ze rechtfäerdeg** - weder hu mer hei eng «raison impérative d'intérêt public majeur» déi ka gëllen, nach sinn déi méi spët zitéiert Argumenter vum Kaméidi (ass niveau moyen!), nach d'Behauptung Käerjeng wier a senger ekonomescher Entwecklung gehemmt juristesch a faktuell haltbar.

D'Argumenter, déi d'Suessem Gemeng an hierem 1. Recours viru Geriicht ervirbruet hat, hunn sech zu 100 % als richteg erwisen, och wann dee Recours (2016) deemols ze fréi wuar.

Weider ass et, de neisten Prognosen no, gewess dass d'Schuedstoffer bis 2030 nach substantiell wäerten weider erof goen an dass d'Mobilitéit och wäert fundamental änneren net nëmmen wëll vum 29. Abrëll un den Öffentlechen Transport gratis hei zu Lëtzebuerg ass.

Den Dossier CONTOURNEMENT muss frësch diskutéiert ginn. All réell Chiffren a Fakten mussen op den Dësch. E neit Gesetz muss dat Gesetz vum 18. Juli 2018 ophiewen!

Am Mount Mäerz wäerten d'BIGS weider Initiativen ënnerhuelen fir d'Zerstéierung vun der Natura 2000 Zone stëschent Suessem a Käerjeng an de Bau vum Contournement ze verhënnern.

\*Kuckt och d'Dokumenter op eiser Internetsäit [www.bigslu.net](http://www.bigslu.net) COUTOURNEMENT.../questions parlementaires...

## **OPRUFF un d'Bierger aus der Gemeng SUESSEM**

**Gett Är Liewensqualitéit och ëmmer méi oft negativ beaflosst duerch eng staark Belästegung vu GEROCH a NUETSKAMÉIDI ?**

**Mir wëllen där Saach op de Fong goen an d'Versaacher erausfannen. Mellt Iech wann der och betraff sidd!**

**Zesummen kenne mir eppes ënnerhuelen !**



**GEROCH**



**& NUETSKAMÉIDI**

[big@pt.lu](mailto:big@pt.lu)

**SPENDENAKTION «FIR DE BËSCH»**

**CCPL LU78 1111 1984 6095 0000**

**BIGS**

**MERCI pour votre soutien !**



## **B Wirwat steet d'BIGS ? Wat bedeit de LOGO ?**

**B** steet fir Bierger, Bedeelegung a fir breed;  
**i** steet fir Iddi, fir Informatioun, fir Initiative;  
**G** d'Ausruffzeechen steet fir d'Recht op Participatioun an eis Determinatioun; kombinéiert erginn déi 2 Zeechen en Dësch wou een zesummesetzt, sech austauscht an verhandelt (top down - bottom up);  
**S** steet fir Gemeng awer och fir Gemeinschaft;  
steet fir Suessem, awer och fir Solidaritéit mat all de Mënschen, déi sech fir eng ökologesch an sozialvertrietbar Transitioun staark maachen – virun allem an eiser Gemeng awer och doriwer eraus!